




LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 28 JAN. 2019



Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier ministre, ministre d'État, Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes, Monsieur le Ministre de la Fonction publique, Monsieur le Ministre de l'Énergie et Madame la Ministre de la Culture à la question parlementaire n° 93 au sujet de la nomination de 3 conseillers de Gouvernement.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire n°119 du 24 décembre 2018 de Monsieur le Député Sven CLEMENT.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier ministre

Ministre d'État

Gemeinsam Äntwert vum Premier- a Staatsminister, vum Aussen- an Europaminister, vum Minister fir d'Fonction publique, vum Minister fir Energie a vun der Kulturministesch op d'parlamentaresch Ufro 119 vum 21. Dezember 2018 vum Députéierten Sven CLEMENT.

Den Députéierten stellt verschidde Froen zu Nominatiounen an der Carrière vum Regierungsrat.

Punkt 1

Jo.

Punkt 2

Fir Nominatiounen an d'Carrière vum Regierungsrat (Conseiller de Gouvernement adjoint, Conseiller de Gouvernement, Conseiller de Gouvernement première classe, Premier Conseiller de Gouvernement an Administrateur général) kenne virzehuelen brauch dee jeweilige Posten net ausgeschriwwen ze ginn. Déi Poste gi geméiss Artikel 76 vun der Verfaassung a geméiss Artikel 2 vum oofgeännerten Arrêté royal-grand-ducal vum 9 Juli 1857 iwwert d'Organisatioun vun der groussherzoglecher Regierung besat. Doranner heescht et : « Des conseillers (...) sont adjoints au Gouvernement ».

D'Regierung proposéiert dem Staatschef an deem Kontext Leit, déi vun hirem Profil hir ge'eegent sinn, déi verschidden Aufgaben, déi mat deene Posten an de jeweilige Ministère verbonne sinn, optimal äuszeféieren.

D'Zuel vun de Regierungsréit ass limitativ festgehal am Arrêté grand-ducal du 21 décembre 2018 modifiant l'arrêté grand-ducal modifié du 14 janvier 1974 relatif aux conseillers qui sont adjoints au Gouvernement.

Punkt 3

Et kann een als Fonctionnaire, Employé oder Salarié bei engem Ministère agestallt ginn. D'Fonctionnairen an d'Employéë ginn an engem vun de Groupes de Traitement oder d'Indemnité agestallt, déi am ëmgeännerte Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwert d'Gehälter an d'Konditiounen an d'Modalitéite vun den Avancementer vun de Staatsfonctionnairen, souwéi am ëmgeännerte Gesetz vum 25. Mäerz 2015 iwwert de Regime an d'Indemnitéite vun de Staatsemployéëen, festgehalen sinn. D'Formatiounskonditiounen si fir d'Beamten iwwer Règlement a fir d'Employéëen iwwer d'Gesetz vum 25. Mäerz 2015 fixéiert. Déi verschidde Carrière vu Salarié'en mat de Formatiounskonditiounen sinn an dem Kollektivvertrag vun de Staatsaarbechter festgehalen. D'Kompetenzen déi verlaangt ginn, sinn an der jeeweileger Poste Beschreiwung opgelëscht. D'Beamten aus der Carrière vum Conseiller de Gouvernement ginn iwwert den Artikel 76 vun der Verfassung agestallt. Fir si treffen déi viregt genannte Konditiounen net zou.

Punkt 4

All Kandidat dee sech op ee vun de publizéierte fräie Poste mellet, muss eng Kopie vu sengem Diplom beileeën. Den Diplom muss dem Formatiounsniveau, dee fir déi jeeweileg Carrière verlangt ass, entsprechen. De Service de Recrutement vum Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'État (CGPO) iwwerpréift bei all Kandidat op en déi legal a reglementär Konditiounen erfëllt, fir de viséierte Poste kënnen ze besetzen.